

Pressecommuniqué - Urgence am Logement

Zanter méi wéi 20 Joer gesäit sech Lëtzebuerg mat enger permanenter Logementskris konfrontéiert. Als Jugendpartei wëlle mir dorop hiweisen, dass déi Kris besonnesch déi Jonk an dësem Land treëft

Dofir hu mir eis an enger gemeinsamer Deklaratioun op 12 Mesure gëeenegt, déi mir als Jugendorganisatiounen fuerderen.

- 1. D’Kreatioun vun engem nationale Logementsregëster, wat et erlaabt, déi eidelstoend Wunnengen ze erfassen, soll viru gedriwwe ginn.**
- 2. Stopp d’Spekulatioun: Eng efficace Steuer op eidelstoend Wunnengen an eng Mobiliséierungssteuer op onbebautem Terrain.**
- 3. Ee politescht Zil vun 20% un abordablem Wunnraum op nationalem Niveau.**
- 4. All Joers 1% vum PIB an d’Schafe vun abordablem Logement investéieren**
- 5. Eng abordabel Präispolitik vun der SNHBM**
- 6. Eng Minstdensitéit, déi d’Gemengen den ëffentleche Bauträger beim Bau vun abordablem Wunnraum, accordéiere mussen**
- 7. D’Aféierung vun de Baulandverträge an dem Remembrement ministériel**
- 8. Eng Erweiterung vun der staatlecher Locataire-Garantie fir d’Mëttelverdénge**
- 9. Eng Reforme vun der Loyersbrems**
- 10. D’Commission des Loyers stäerken**
- 11. Eng méi staark Kontroll vu “Chambres Meublées” an “insalubre” Wunnengen**
- 12. D’Banke mat an d’Boot huelen**

Wunnen ass ee Grondbedierfnis – dofir setze mir eis an.

CSJ, Jonk Demokraten, déi Jonk Gréng, déi Jonk Lénk, Jonk Sozialisten